Offiziell Invitatioun fir den 13. Mäerz 2014 um 20:00 am Centre Culturel an der Fiels

Den Comité vun der APEEFL invitéiert Iech un enger Informations-Soirée deelzehuelen zu engem Thema wat ons all betrëfft :

« Ech sinn, tu es, er ist, nós somos, voi siete, they are… villsproocheg! » D'Villsprochegkeet an onsem alldeeglechen Liewen!

Ass et wierklech gutt fir ons Kanner méi Sproochen gläichzäiteg ze leieren ? Wei kennen mir hinnen hëllefen besser Fortschrëtter ze maachen ?

Ons éischt Invitée, d'**Madame Pascale Engel de Abreu**, Professer op der UNI.lu (Universitéit Letzebuerg) an Psycholog an der kognitiver Entwécklung, zeechent ons d'Aflëss vun der Villsproochegkeet op ons Organisatioun vum Gehir op ; si beschreift déi optimal Konditiounen fir dass een Kand perfekt villsproocheg kann ginn ; duerno gräift se verschidden praktesch Froen op déi sech am alldeeglechen Liewen an am Kader vun der Famill vun onsen Kanner ofspillen.

Nach ëmmer zum Thema Villsproochegkeet stellen d'**Madame Angélique Quintus,** Coordinatrice vun den Cours intégrés an d'**Madame Flore Schank**, attachéiert Léierin vum Educatiounsministère den Projet « Assistant de langue portugaise » fir. Een Projet deen am Cycle 1 vun der Fielser Schoul wei och an 3 weideren Schoulen am Land realiséiert gëtt.

Dir kennt ebenfalls är Froen un d'Invitéeën vun der Soirée stellen.

Des Soirée gëtt ofgehalen Donneschdes den 13. Mäerz um 20:00 am Centre Culturel Fiels (rue de Medernach, L-7619 Larochette). Mir empfänken Iech vun 19:30 un matt engem Éierewäin. D'ASTI assuréiert eng simultan Iwwersetzung op Franséisch.

Mir soen Iech am viraus villmools Merci fir är Präsenz bei dëser Soirée.

Den Comité vun der APEEFL